

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Hilfe in der Warteschleife" deen de 17. Juni am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt den Ëmweltministère säi Veto géint e geplangte CGDIS-Zenter um Friddhaff ageluecht hätt. Weider schreift d'Lëtzebuenger Wort, datt de Staat op deem geplangten Areal scho fënnef Hektar Terrain opkaf hätt, déi lo net méi dem eigentlech Zweck vun dëser Transaktioun ënnerleien. Fir de geplangte CGDIS-Zenter, dee säit 2009 am Gespréich ass, proposéiert den Ëmweltministère lo en alternative Zitt, vun deem en awer selwer seet, datt e landschaftlech manner gëeegent wier.


An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi héich war de Kafpräis fir déi zitéiert fënnef Hektar Terrain? Ënnert wéi engem Budgetartikel sinn des Sue gefloss a mat wéi engem Verwendungszweck gouf déi entspreichend Transaktioun begrënnt?
- 2) Wéi enger Verwendung ginn déi fënnef Hektar Terrain schlussendlech zougefouert?
- 3) Firwat huet den Ëmweltministère drop verzicht seng Bedenken ze äusseren, ier des Transaktioun stattfonnt huet?
- 4) Op deem geplangten Areal hätt d'CGDIS iwwert eng gutt Ubannung un d'N7 verfüügt, wat sech grad am Fall vun Urgencen als entscheidend kann erweisen. Wéi verantwort den Ëmweltministère déi entspreichend Reduktioun vun der Effizienz vun der CGDIS an domat vun der Sécherheet vun de Bierger?
- 5) Et handelt sech net ëm den éischte Fall, wou den Ëmweltministère sech beim Ausbau vum CGDIS queesch stellt. En änleche Fall hate mir jo schonn zu Waasserbëlleg, dee mir an eiser parlamentarescher Fro Nummer 4111 ugeschwat haten. Wéi weit d'Regierung hei den Ëmweltschutz vis-à-vis vun engem gudde Fonctionnement vun de Rettungsdéngschter of?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten